

LEEF

# SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Enrôlés de Force



MONUMENT AUX MORTS HOUSEN

5 2005  
Octobre  
15<sup>e</sup> année

# Nationale Commemoratiounsday vun den Zwangsrekrutéierten den 11. September an der Stad



60 Joer ass den Naziregime zu Enn, a bal 60 Joer, dass déi Lescht aus de Gefaangenelager heemkomm sinn. Vill haten dat Gléck net a sinn a friemer Äerd begrüewen, anerer hate Glidder verluer oder ware psychesch gebrache Mënschen.

Fir all déi ass dëse Gedenktag geduecht a soll et och bleiwen, sou laang, bis dee Leschte vun äis fortgaangen ass. Si sollen ower weiderhin net vergiess ginn, dofir hu mir äis agesat, mat der Hëllef vum „Comité directeur pour le souvenir de l'Enrôlement forcé“.

D'Feier hat hiren Ufank beim „Mémorial de la Déportation“ bei der Holrecher Gare, wou vun den Zwangsrekrutéierte Blummen néiergeluecht goufen. Zesumme mat Vertrieeder vun der Eisebunnesgesellschaft war dunn den Dépôt virum Gedenksteen an der

Gare vu Lëtzebuerg. Allemools gouf d'Sonnerie aux Morts vum Edmond Faber virgedroen.

De Gedenkgottesdénsgscht war duerno an der Sacré-Coeur-Kierch op der Gare. Hei huet de Clairon d'honneur Edmond Faber mam Gefaangenechouer aus „Nabucco“ déi richteg Introduktion fonnt.

De Komerod André Heiderscheid, dee mat senger Matbridder Michel Behm a Robert Brosius d'Eucharistiefier zelebriert huet, erënnert a senger Homelie un de Retour vun der Grande-Duchesse Charlotte, Garant a Symbol vun eiser Fräiheet, déi de 14. Abrëll 1945 heemkoom. En erënnert och un déi Deeg, wou d'Jongen a gréisseren an a klengere Gruppen d'Chance haten, d'Heemecht erëmzugesinn, nodeem Nazi-Däitschland d'Kapitulatioun de

7. Mee 1945 zu Reims ënnerschriwen hat. Vill Famillje konnten hir „Jongen“ net op de Lëschte gesinn, du sinn d'Wonnen erëm opgebrach an hu laang Zäit gebraucht, fir ze vernarben.

Déi religiéis Feier gouf vum Chouer vun den Zwangsrekrutéierte musikalesch gestalt ënner der Direktioun vum Oscar Leonardy, op der Uergel war den Daniel Malnati.

No der Mass goug et ënnert de Kläng vun der Dikricher Garnisounsmusek, Leedung Christian Gregorius, op de Kanounenhiwwel, virun d'„Monument de la Solidarité nationale“, wou de Generalsekretär vun der Federatioun, Jim Bolmer, d'Begrëssungsusprooch un d'Participante geriicht huet, ënnert hinnen de Lieutenant-colonel honoraire Germain Frantz als Vertrieeder vun der Cour grand-ducale, de Parlements-

president Lucien Weiler, de Minister Claude Wiseler an de Buergermeeschter vun der Stad Paul Helminger. Si all si komm, fir de verstuerwene Komeroden ze gedenken, ower och deenen Helden, déi hiert Liewen op d'Spill gesat hunn, fir de Refraktären eng Stopp ze erméiglechen, well et war net ëmmer einfach, d'Gefor war iwwerall.

D'Presidentin vum „Comité directeur pour le souvenir de l'Enrôlement forcé“, Marie-Anne Thommes, huet besonnesch op déi séilesch Nout vun den Zwangsrekrutéierten higewisen. Hei dee genauen Text:

Léif Éiregäscht,

Léif Enrôlés de force,

Dir Dammen an Dir Hären,

Am Laf vum leschte Joer hu mir zu Lëtzebuerg an an Europa un enger ganzer Rei vun ergräifenden Zeremonien deelgeholl, fir de 60. Joresdag vum Enn vum Zweete Weltkrich ze commemoréieren. Dat ware Momenter, déi jiddwerengem vun äis no gaang sinn.

Iech, léif Zwangsrekrutéiert, well Dir eemol méi un dat erënnert gouft, wat Dir u Schrecklechem erlieft hutt, un déi séilesch Nout, déi Dir gelidden hutt an déi sécher esou schlëmm war – wann net méi schlëmm – wéi déi physesch Entbierungen, déi Dir hutt missen erdroen.

A mir – déi d'Chance haten, no deene schreckleche Jore vu Krich an Terror gebuer ze ginn – hunn och an e puer stëlle Momenter an äis eragelauschtert, fir ze verstoen, wat et geheescht huet, vum preiseschen Okkupant an eng verhaassten Uniform gezwongen ze ginn an an de Krich missen ze goen, oder awer mat schwéiere Gewëssenskonflikter ze decidéieren, sech ze verstopen an esou eventuell d'Elteren an d'Geschwëster der Verfolgung auszusetzen.

Sécher kommen an esou Momenter och erëm d'Gefiller op vun Angscht, Verzweiflung, Rebellioun an Hoffnungslosegkeet; Gefiller, déi fir e Jugendleche vu knapp 20 Joer wahrscheinlech vill méi schwéier ze erdroe ware wéi déi kierperlech Geforen, deenen hien ausgesat war. Gefiller, déi sécher och begleet ware vun

Hoffnung, Courage a Komerodschaft, eng Komerodschaft, déi lech bis haut matenee verschweest an och iwwer den Doud eraus mat deene verbënnt, déi d'Chance net haten, erëm heemzekommen.

Sou waren dës Zeremonië virun allem och Momenter vu grousem Respekt an Dankbarkeet fir all déi, déi sech fir eis Fräiheet agesat hunn an déi allzedacks dësen Asaz mat hirem Liewe bezuelt hunn. Mir hunn äis mat Respekt an Dankbarkeet virun deene vernäipt, déi duerch hiren Asaz gemaach hunn, datt mir konnten „bleiwen, wat mir sinn“. Et ware Momenter, an deenen déi rezent Lëtzebuerger Geschicht e Stéck vun äis ginn ass.

Während all deene Gedenkfeieren ass awer och eng Iddi ëmmer erëmmkomm: Erënnert lech! Ni méi! Jo, mir dierfen ni vergiessen a mir mussen et fäerdeg bréngen, Léieren aus deem, wat geschitt ass, ze zéien.

Ech denken, léif Zwangsrekrutéiert, datt genau déi Iddi de Motor vun Ärer Aarbecht an deene vergaangene 60 Joer war. Wéi Dir erëmmkomm sidd – an dat war net an deenen Deeg, wou d'Leit hei zu Lëtzebuerg an de Stroosse gejubelt hunn an d'Enn vum Krich gefeiert hunn. Neen, op lech hunn dunn nach laang a grausam Méint gewaart an deenen d'Baangen an d'Ongewëssheet scheinbar keen Enn kritt hunn, an deenen Dir lech vergiess, vläicht verrode gefillt hutt. Et ware Méint, an deene Verschiddener vun lech et net méi gepackt hunn, well si ze schwach waren, fir duerchzehalen, an dat esouguer nach a leschter Minutt. Et kann een sech bal net virstellen, wat et heescht, am Zuch fir heem ze stierwen.

Wéi Dir dunn endlech erëm op Lëtzebuerger Buedem waart, dunn hutt Dir lech geschwuer, Dir hutt deene geschwuer déi Är Chance net haten:

„Mir wäerten ni vergiessen, mir wäerten lech ni vergiessen“.

Dir hutt lech duerno a verschiddenen Organisatiounen zesumme fonnt, Dir hutt lech regelméisseg getraff, fir un Är verstuerwe Komeroden ze denken.

An all deene Joren hunn d'Federatioun an déi vill Ënnerorganisatiou-

nen immens vill Aarbecht gelescht, fir datt den Zwangsrekrutéierte soll Gerechtegkeet widderfueren a fir datt dat, wat hinnen an deene schreckleche Jore vu Krich u Leed zougefüg ginn ass nimools soll vergiess ginn. Dir hutt impressionant Archiven ugeluecht, hutt Material a verschiddene Muséeën zesumme gedroen. Dir hutt regelméisseg a mat vill Opwand de Periodéisseg „Les Sacrifiés“ erausginn an esou d'Verbindung ënnereneen oprecht erhalen. Mä Dir selwer sot, datt nach immens vill Aarbecht ze maache bleift an datt Dir och spiert, datt Dir net méi ëmmer déi néideg Kraaft hutt, fir dësem Engagement nozekommen.

An esou war et, denken ech, ee vun den Héichpunkte vun Ärer Aarbecht, wéi den 3. Mäerz vun dësem Joer, nodeem de Premier de Gesetjesprojet am Abrëll 2004 op Demande vun den Zwangsrekrutéierten deposiert hat, d'Chamber d'Gesetz fir d'Schafe vun engem „Comité directeur pour le souvenir de l'Enrôlement forcé“ an engem „Centre de documentation et de recherche sur l'Enrôlement forcé“ eestëmmeg gestëmmt huet.

Fir d'Zwangsrekrutéiert kann een dat als en emouvanten an ouni Zweifel och en historische Moment bezeichnen. Duerch d'Gesetz vun 1967 hutt Dir zwar d'Qualitéit als „Victimes du Nazisme“ zouerkannt kritt, mä bis elo hat Dir kee gesetzlecht Organ, dat lech virun den ëffentlechen Autoritéite vertratt huet. Mam „Comité directeur pour le souvenir de l'Enrôlement forcé“ kréien d'Zwangsrekrutéiert elofir d'ëischt an hirer Geschicht eng gesetzlech unerkannte Struktur, déi se vertritt.

Et ass dat eng ëffentlech Unerkennung fir lech – 60 Joer nom Krich – an eng gesetzlech Garantie, datt d'Undenken un dat, wat geschitt ass, och weider an Éiere gehal gëtt, well, wéi et am Gesetzestext heescht, huet dëse Comité als Missioun „de veiller à la sauvegarde de la mémoire des enrôlés de force“.

Mir wäerten äis also och weider op all deene Plaze versammelen, wou e Monument äis un déi erënnert, déi, duerch hiren Asaz, eiser Heemecht hir Identitéit erhal hunn. Mir wäerten – an hei schwätzen ech besonnesch fir déi



jonk Memberen aus dem Comité – vun lech léieren, weiderfueren, Är Erfahrungen an Är Temoignagen ze sammeln an un déi kommend Generatioun weiderginn.

An hei wäert besonnesch den „Centre de recherche et de documentation“ eng wichteg a wäertvoll Aufgab kréien: nach villes bleift ze sammeln, ze archivéieren, ze recherchéieren, ze verstoen, ze erklären. Dëse Centre muss elo an d'Liewe geruff ginn; dat wëlle mer an deene kommende Woche maachen.

Ech hoffen, datt dëse Centre dann esou séier wéi méiglech déi néideg Mëttele kritt, fir äis – zesumme mat all deenen, déi déi däischer Jore vun eiser Geschicht wëssenschaftlech erfuerschen – en ëmmer méi richtegt an ëmfaassend Bild vun eiser rezenter Vergaangenheet ze ginn.

Da kënnen mer och ëmmer besser enger wichteger Aufgab gerecht ginn: deene Jonke vun haut eis rezent Geschicht méi no bréngen. Dat geschitt scho punktuell – a ganz dacks op eng

bemierkenswäert ergräifend Aart a Weis – z.B. bei Geleeënheet vun der „Journée de commémoration“, ëm den 10. Oktober, oder wa verschidden Enseignanten en Austausch mat engem Zäitzeien organiséieren, eng Formule, déi op ganz vill Intressen bei de Jugendleche stéisst.

Mee ganz dacks – an dat konnt een z.B. feststellen, wann een, d'lescht Joer, mat hinnen iwwer déi verschidden Zeremonie geschwat huet, – kenne vill vun hinnen d'Geschicht vun eisen Nopere besser wéi eis eege Geschicht. An dat ass eng Situatioun, déi engem muss ze denke ginn, a fir déi ee mat deene kompetente Stelle Léisunge muss fannen.

Well nëmmen, wa mir aus der Vergaangenheet léieren, kënnen mir eis Zukunft besser gestalten an alles maachen, fir de Fridde bei äis an Europa an iwwer d'Grenze vun Europa eraus ze sécheren.

Vill vun de Jugendlechen, déi haut den Alter hunn, an deem Dir an de Krich hutt misse goen, hu kee Kontakt méi

mat engem direkten Zäitzeien. Si wëssen also näischt méi vum Krich a senge Schrecken. An de Fridde ass fir si allze selbstverständlech ginn, obscho mer all Dag gesinn, wéi séier – och op e puer Fluchstonne vun äis ewech – d'Dämonen vun Terror, Ënnerdréckung a Gewalt erëm kënnen opliewen. D'Friddenserzéiung geet och iwwer d'Erhale vun eiser „mémoire collective“.

An dat ass eng wichteg Aufgab, zu där mir eise Bäitrag wëlle leeschten.

Ënner de Kläng vun der „Sonnerie aux Morts“, virgedroe vun der Garnisonsmusek Dikrich, goufe Blummen néiergeluecht vu Vertrieeder vum Staat a vun den Zwangsrekrutierten.

D'Ökumenesch Gebieder goufe virgedroe vum Pastor Michel Faullimmel, vum Chanoine André Heiderscheid a vum Grousrabbiner Joseph Sayag.

Mam Ofspille vun der Heemecht ass dës Gedenkfeier op en Enn gaang. Duerno konnten d'Participanten sech am „Livre d'Or“ vun der Federatioun androen.

## Die Märtyrerstadt Wiltz erinnerte an den Streik 1942

Der Gedenkgottesdienst für die Opfer des Streikes in der Dekanatskirche in Wiltz sollte den Auftakt geben für die Erinnerungsfeier. Pfarrer Müller unterstrich in seiner Predigt den Mut der Opfer, die nicht so mir nichts dir nichts das Diktat des Okkupanten hinnehmen wollten. Die Wiltzer gaben das Zeichen, und der Funke sprang schnell über zum Süden des Landes bis zum Hauptpostamt in Luxemburg. Der Grund war die Deklaration der Wehrpflicht für die Luxemburger Jugend (siehe Titelseite von Nr. 4 des „Les Sacrifiés“).

Es war der 31. August 1942, und es soll alljährlich der 31. August bleiben zum Gedenken, denn die Stadt Wiltz hat ihre Märtyrer nicht vergessen. Blumen wurden niedergelegt beim Gedenkstein am Portal der ehemaligen Ideal-Fabrik, wo der Streik seinen Anfang nahm.


Dann folgte die eigentliche Gedenkfeier beim nationalen Streikmonument. Bürgermeister Romain Schnei-

der bedankte sich für die Anteilnahme der vielen Organisationen sowie der Bevölkerung des Ardennenstädtchens. Die Freiheit gibt es nicht zum Nulltarif, deswegen muss das Thema immer wieder im Schulunterricht behandelt werden. Die Schüler der 6. Klasse besuchen alle Jahre das ehemalige KZ Hinzert.

Robert Hansen, Präsident des „Comité directeur pour le souvenir de la résistance“ (CDRS) erinnerte an die dunklen Stunden des 31. August 1942, der mit der Streikwelle für manchen Luxemburger schwere Folgen hatte.

In der Stadt Wiltz waren sofort sechs Todesopfer zu beklagen.

Blumen wurden niedergelegt von: „Lëtzebuerger Politesch Prisonnéier an Deportéiert“ (LPPD), „Association des Déportés politiques“, „Enrôlés de Force“ Sektion Wiltz, „Fédération des Enrôlés de Force“, vertreten durch Mme Marianne Thommes, Präsidentin des „Comité directeur pour le souvenir



de l'Enrôlement forcé“, und Norbert Melcher, Mitglied, „Pupilles de la Nation“, „CDSR ministère d'Etat“, durch die Gewerkschaften LCGB, OGB-L, NGL Wiltz, OGB-L Regional Norden, OGB-L Zentral Esch/Alzette, OGB-L Sektion Rentner Esch/Alzette sowie der Stadt Wiltz.

Nach dem Abspielen der „Heemecht“ bot die Stadt Wiltz im Stadthaus den Ehrenwein an. Hier ward Gelegenheit geboten, neue Verbindungen zu knüpfen zwischen den Organisatoren und den Zwangsrekrutierten, insbesondere mit den neuen Gremien „Comité directeur pour le souvenir de l'Enrôlement forcé“ und den Organisatoren. Mel



# Journée commémorative des Enrôlés de Force Section du Nord – Clärref

Der 2. Oktober, landesweit zum Gedenktag proklamiert, war dann auch Rendez-vous für die früheren Sektionen Clerf, Weiswampach, Heinerscheid und Ufflingen, die sich als Section du Nord – Clärref vereinigen.

Ein Gedenkgottesdienst in der Dekanatskirche in Clerf vereinigte die Zwangsrekrutierten zusammen mit dem Gemeinderat, an der Spitze Bürgermeister Francis Stephany mit den Schöffen Simon Schaack und Victor Seil.

Dechant Roemen erinnerte in seiner Predigt an die schicksalsschweren Monate und Jahre, die unser Volk unter dem Nazi-Regime ertragen musste. Sehr viele Familien wurden arg getroffen, und schlussendlich wurde der Norden bei dem letzten Aufbäumen der Nazi-Horden doppelt schwer gebeutelt. Viele wurden verschleppt, von denen heute noch kein Schicksal bekannt ist. Der Gottesdienst wurde verschönert vom Gesangverein unter der

Direktion von Simon Schaack, besonders beeindruckte das Lied „un eis Jungen 1940–45“. Nach dem Hochamt ging es im Cortège zum „Monument aux Morts“, wo Blumen niedergelegt wurden von der Gemeindeverwaltung und den Zwangsrekrutierten. Mit dem Abspielen der „Heemecht“ durch die Harmonie Clerf war der offizielle Teil der Gedenkfeier beendet.

Die Gemeindeverwaltung bot danach einen Ehrenwein im Hôtel des Nations. Nach einem gemeinsamen Mittagessen wurde dann gegen 15 Uhr die jährliche Generalversammlung abgehalten. Jean Morn begrüßte die Mitglieder, die noch zahlreich erschienen waren. Zum 80. Geburtstag bekamen René Leiner und Alfred Foog ein Geschenk überreicht. Er erinnerte ebenfalls an die Verstorbenen des vergangenen Jahres. Es waren dies Pierre Jans aus Hüpperdingen, Mme Lisa Peters-Closter aus Ufflingen, Camille Tholl aus Clerf, Henri Braconnier aus

Clerf und Georges Stecker aus Heinerscheid. Pierre Wagner präsentierte als Sekretär und Kassierer den Kassen- und Tätigkeitsbericht.

Norbert Melcher aus dem Zentralvorstand bedankte sich bei den Kameraden für die Einladung und beglückwünschte die Sektion für Ihre Tätigkeit. Er gab dann auf Nachfrage Einzelner Aufschluss über das neue Gremium „Comité directeur pour le souvenir de l'Enrôlement forcé“. Hierbei besteht wirklich Nachholbedarf bei den Sektionen, die teilweise skeptisch sind in puncto Funktionsweise. Die Anwesenden bedankten sich für die aufklärenden Worte.

Der Vorstand setzt sich zusammen aus: Jean Morn, Präsident, René Leiner, Vizepräsident, Pierre Wagner, Sekretär-Kassierer, sowie den Mitgliedern: Mme Sophie Thilges-Schranz, Martin Haas und Alfred Foog.

Mel



# Eis „Gëlle Fra“ ass houfreg ginn

Ein Symbol vun eiser Fräiheet, dat esou schlecht doubléiert gouf ufanks 2001, ass virum Nationale Gedenktag renovéiert ginn. 1923 war dat Denkmol ageweit ginn, deemools deelweis mat Kritike beduecht, déi Damm war leider ze liicht gekleet, fir munnech Moralapostel ze knapp.



Wéi d'Preisen se den 21. Oktober 1940 ofgerappt hunn, stonge mir Studenten a viischer Rei, fir de Besatzer Paroli ze bidden, leider ëmsoss, a wéi se du mat de Knëppelen ënner eis lassgelooss goufen, hu mir d'Blat misse botzen. Si haten e Stéck aus eisem Häerz gerappt, sou hu mir et jiddefalls gefillt.

Datt dunn och 2001 e Plagiat vun enger kroatischer Kënschtlerin an nächster Näh opgeriicht gouf, huet d'Faass vum Onverstand zum Iwwerlaffe bruecht.

Gott sei Dank, den 8. März 2002 ass dei richteg „Gëlle Fra“ vum Ministerrot offiziell zum nationalen Denkmol erkläert ginn.

Zum Opbotzen hu gehéiert: nei Fouen, nei Placken, Beschrëften a Verguldung vun der Schrëft.

Dass déi Oprou 2001 net fondéiert soll gewiescht sinn, beweist de kuerzen Artikel: „Gëlle Fra aus nazideutscher Sicht. Hoffen, dass d'Geschicht sech net dauernd widderhëlt! Cher



## „Gëlle Fra“ aus nazideutscher Sicht

Aufschlussreiche Kommentare in der gleichgeschalteten Luxemburger Presse und aus einem SD-Bericht:

Folgen der „Niederlegung“ des Denkmals: „Die vorgenommenen Verhaftungen werden in Luxemburg zum Anlass genommen, sich weiter in hetzerischer Form deutschfeindlich zu betätigen.“ (SD-Bericht vom 22. Oktober 1940)

„Das Ende einer ‚guldernen‘ Lüge“ – „Das Denkmal des Brudermordes, das ‚Monument du Souvenir‘, ist beseitigt. Ein Schandmal wurde ausgelöscht, das jeden deutsch denkenden Luxemburger immer empören musste, weil es den Kampf Deutscher gegen Deutsche verherrlichte“ (LW, 23. Oktober 1940)

„So rächt sich geschichtliche Unwahrheit“ – „Das Denkmal der ‚Gëlle Fra‘ stand auf keinem festen Sockel. Es stand auf einem geschichtlich unwahren Fundament...“ – Ein Luxemburger schreibt uns

(LW, 24. Oktober 1940)

H.B.

(aus: Bulletin de liaison des Anciens de l'Athénée, fasc. N° 22, 2003, bemerkenswert kommentiert)

Samedi 12 novembre 2005

## Commémoration du calvaire de la jeunesse sacrifiée luxembourgeoise

### 10h30 Eglise du Sacré-Cœur, Luxembourg-Gare

Messe concélébrée par Mgr Fernand Franck, archevêque de Luxembourg, en présence de LL.AA.RR. le Grand-Duc et la Grande-Duchesse et des plus hautes autorités du pays

### 12h00 Monument national de la Solidarité

Cérémonie commémorative avec la participation de la Musique militaire

- Accueil de LL.AA.RR. le Grand-Duc et la Grande-Duchesse
- Allocution du Premier ministre
- Chorale
- Dépôt d'une couronne de fleurs
- Sonnerie aux Morts
- Heemecht
- Signature du Livre d'Or
- LL.AA.RR. saluent les enrôlés de force
- 12h30 Transfert des invités vers le restaurant en bus
- 13h00 Déjeuner en commun au Restaurant Alvisse Parc Hotel
- 15h30 Transfert des invités par bus vers le Glacis,
- 16h00 le centre-ville et la gare
- Chaque amicale et chaque section seront invitées par le Gouvernement – ministère d'Etat.



#### Amicale des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme

Section: commune de Sanem

Mat grousser Trauer deele mir de plätzlechen Doud mat vun eisem President, dem Här

#### Greg Heinen

Mann vum Sisy Lentz

President vun den Zwangsrekrutéierte vun der Gemeng Suessem  
Porteur du ruban en or

Hien ass gestuerwen den 2. Oktober 2005. Am Krich war hien der Heemecht trei verbonnen an nom Krich huet hie mat onermiddlechem Asaz derfir gesuergt, dass de Souvenir un déi, di hiert Liewe fir d'Heemecht riskéiert an och geaffert hunn, net erlëscht ass. Onermiddlech huet hie sech bis zu sengem Doud fir „seng“ Sektoun vun den Zwangsrekrutéierten aus der Gemeng Suessem agesat. Fir seng Mataarbechter an dëser Sektoun wäert hien ëmmer hire President bleiwen, deen si Zäit senges Liewens respektéiert hunn an deen hinnen an Zukunft bestëmmt feele wäert.

Senger Famill soe mir eist oprichtegt Bäileed.

De Comité vun der Amicale des Enrôlés de Force Sektoun Gemeng Suessem

## Tambower Dag, de 5. November 2005

Déi Tambower gesi sech wéi all Joer de 5. November erëm, fir un hir vers-tuerwe Komeroden ze denken.

60 Joer sinn et hier, datt den Nazi-regime zerschloen ass 60 Joer Schluss mat der Barbarei an der Ennerdrückung

60 Joer Fridden

60 Joer, datt déi Lëtzebuerger, déi a russescher Gefaangeschaft woren, heemkoumen.


Allzevill awer konnten dëse Fridden net méi erliewen. Si waren un der Front gefall fir eppes, wat si net leide konnten. Si sinn iergendwou a friemem Buedem ageschäert ginn. Anerer sinn a Gefaangenelager komm, hunn do op d'Enn vum Krich gewaart ënner Zou-stänn, déi net ze beschreiwe sinn; a miserabler Kleedong an déiwer Keelt, vun Honger a Krankheete geplot, vu Lais a Fléi gepéngegt. Vu Verlaangen demoraliséiert, sinn un déi 170 zu Tambow a Kirsanow gestuerwen, mat engem leschte Gedanken un d'Heemecht an un hir Famill.

Kee konnt jeemools d'Allerhellegendeeg Blummen op hir Griewer leeën. Vill vun dëse Jongen hire Leit hu jorelang ënnert dëser Ongewëssheet gelidden a sinn dorunner zugronn gängen.

Haut ass dee gréissten Deel vun eise Member och net méi do. Déi puer, déi nach iwwreg bleiwen, si meesch-tens deels vu Krankheet a Behënnerong gezeechent a verbréngen hire Liewesowend a bedauerlecher Verfassung. Mir Tambower si frou, datt mir an eis Federatioun gutt jonk Leit fonnt hunn, déi sech eiser unhuelen, fir dat, wat mir ugefaangen hunn, weiderzeféieren an oprecht ze erhalen. D'Undenken un déi, déi fir onst Land gelidden a gestriden hunn, soll ni ënnergoen!

Esoulaang, wéi mir nach kënnen, solle mir dës Leit ënnerstëtzen, dann hinnen hëllef, datt si dës Missioun, déi si ugeholl hunn, erfëllen a meesch-teren, fir esou d'Erënnerung un déi Zäit, wou vill Meedercher a Jongen sech fir e fräit Lëtzebuerg agesat hunn, lieweg ze halen.

G.J.



# Liberatioun aus russescher Gefaangeschaft

## 7. Dezember 1945

### oder „Les autres camps de Russie“

Et gëtt 60 Joer, wéi mir de 7. Dezember 1945 an der Gare zu Lëtzebuerg ukoumen. Mir wëllen dës 60. Anniversaire op den Dag feieren, fir äis och un eis Komeroden ze erënneren, déi dës Chance net erliewe konnten, an ebefalls all déi, déi äis an der Tëschenzäit verlooss hunn.

Mir treffen äis um 10.20 Auer um Kanounenhiwwel, wou um 10.30 Auer

virun der éiweger Flam beim Monument de la Solidarité luxembourgeoise Blummen niddergeluecht ginn.


Um 11 Auer ass an der Kathedral eng Gedenkmass fir all eis verstuerwe Komeroden. Um Parvis nieft der Krypta gëtt duerno eng Foto gemat.

Wëllkomm sinn all eis Member mat Familjen, ower och Komeroden,

déi net op dësem Datum, mä aus den anere CAMPS aus Russland heemkoumen. Als Umeldung zielt de Betrag vu 35 Euro op eise Postscheckkonto Nr. IBAN LU91 1111 1256 5540 0000 „Liberatioun aus russescher Gefaangeschaft“. An dësem Betrag ass abegraff: lessen, Käschten, Blummen an Dréngelder.

*Mir erënneren un d'Zeremonien vum Massaker zu Sonnenburg (SLONSK) de Méindeg, 30. Januar 2006 um Kanounenhiwwel an an der Krypta vun der Kathedral.*

*De genaue Programm vun dësem Gedenke fannt Dir am „Les Sacrifiés“ N°1, deen Ufank Januar 2006 erauskënnt.*



## Neijooschgratulationen

Grad wéi an deene vergaangene Jore publizéiere mir d'Gratulationen am Bulletin „Les Sacrifiés“. Dir kënnt lech bei Äre Sektioonen op eng Lëscht setze loossen, déi de lokale Comitésmemberen zur Verfügung gestallt gouf. Dir sidd sécher, net vergiess ze ginn.

Et geet natierlech och, wann Dir 3 Euro op de Postscheckkont IBAN LU78 1111 0313 2995 0000 vun der Fédération des Enrôlés de Force, Luxembourg iwwerweist. Schreift Ären Numm an d'Adress däitlech w.e.g.

D'Lëschte musse bis spëtstens den 1. Dezember 2005 un d'Redaktioun, Norbert Melcher, 1, Wisegässel, L-7333 Steesel ageschéckt ginn.

## D'Peenemünder hu sech zu Sandweiler getraff

236 jonk Borschte sinn de 7. Oktober 1942 zu Hollerech an den Zuch geklommen, Richtung Peenemünde. Zu Sandweiler sinn si dëst Jar zesumme-komm; si waren nëmme méi zu 12. Fir d'Rei e bëssen opzefëllen, ginn ëmmer d'Fraen an d'Witfrae mat invitéiert. Den Treff hat de Komerod Valentin Schiltz organiséiert.

Den Dag gouf an där schéiner Parkierch mat enger Mass agelaut, déi de Paschtouer Alphonse Molitor gehalen huet. Well seng Famillje selwer schwéier an deem schreckleche Krich gelidden huet, ee Brudder ass gefall an een anere schwéier verwont ginn, konnt hien sech an d'Situatioun vun de Peenemünder erafannen an de Kräizgank vun hinnen an dem Lëtzeburger Vollek getrei skizzéieren.

Um Harmonium huet den Organist Pierre Blitgen mat sengem herrleche Bariton Heemechts- a Marielieder ugestëmmt; all hu matgesongen, an

den Office huet eng ganz feierlech Note kritt.

Beim Monument aux Morts gouf eng Gerbe deponéiert an an der Gedenkminutt fir hir gefalen, verméssten a verstuerwe Komeroden huet de Norbert Schleck d'Sonnerie geblos.

Op der Trap virun der Mairie gouf déi obligat Souvenirfoto geschoss.

De Buergermeeschter John Breuskin huet dunn d'Versammlung an dee schéine Centre culturel agelueden. Hien huet hinnen dat schmoeck Duerf virgestallt, op dat all Sandweiler Bierger houfreg ka sinn. Eng nei Schoul ass gebaut ginn, eng Kantin fir d'Kanner, ee Chalet fir d'Scouter, ee Footballfeld ugeluecht a.s.w.

De President vun de Peenemünder huet dem Buergermeeschter fir d'Rezeptioun merci gesot. Hien huet gemengt, et wier onverständlech, datt no sou engem schreckleche Krich,

d'Schéissen an d'Doutmaachen ni géifen ophéieren, an datt och op enger Säit an der Welt all Dag dausende Kanner un Honger stierwen, wou op där anerer Säit d'Leit am Floribus liewen. Zur Europapolitik huet hien och seng Meenung gesot. Hie mengt, et soll' molles an Europa an d'Rei bruecht ginn, ier een Deel vun Asien an d'europäesche Gemeinschaft opgeholl gëtt. Déi nei Länner, déi sech nach mat ville Poblemer erëmklappe mussen, sténgen äis awer vill méi no, wéi Anatolien, wou d'Fro vu Gläichstellung vu Mann a Fra absolutt tabu ass.

Am Restaurant Delicious war fir d'Peenemünder den Dësch gedeckt, a vill Erënnerungen aus der Krichszeit sinn erëm opkomm.

Den nächste Konveniat gëtt vum Komerod Jean Nosbusch vu Stolzebuerg organiséiert.

V.F.



# Agenda

- 5. November 2005** Tambower Dag an der Stad, 60-Joer-Feier
- 12. November 2005** Commémoration du 60<sup>e</sup> anniversaire de la Libération et de la fin de la 2<sup>e</sup> Guerre mondiale et du calvaire de la jeunesse sacrifiée luxembourgeoise an der Stad.
- 7. Dezember 2005** Libératioun aus russescher Gefaangeschaft, 7. Dezember 1945, 60 Joer Retour.
- 26. Dezember 2005** Commemoratiounsdag mat Blummennidderleeën zu Diddeleng
- 30. Januar 2006** Méindes owes Gedenken un de Massaker vu Sonnenburg (SLONSK)

## Sommaire

Nationale Commemoratiounsdag vun den Zwangsrekrutéierten den 11. September an der Stad	2
Die Märtyrerstadt Wiltz erinnerte an den Streik 1942	5
Journée commémorative des Enrôlés de Force Section du Nord – Cliärref	6
Eis „Gëlle Fra“ ass houfreg ginn	7
„Gëlle Fra“ aus nazideutscher Sicht	7
Commémoration du calvaire de la jeunesse sacrifiée luxembourgeoise	8
Tambower Dag, de 5. November 2005	9
Libératioun aus russescher Gefaangeschaft 7. Dezember 1945 oder „Les autres camps de Russie“	10
Neijooschgratulatiounen	10
D'Peenemünder hu sech zu Sandweiler getraff	11

Redaktiounsschluss fir Nr. 1/2006 ass den 1. Dezember 2005. Merci!

**Fédération des Enrôlés de Force**, Association sans but lucratif

Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, **boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg**,  
tél. + fax: **48 32 32 – CCPL: IBAN LU78 1111 0313 2995 0000**

**Rédaction du bulletin bimestriel: «Les Sacrifiés»**, c/o Norbert Melcher  
1, Wisegässel, L-7333 Steinsel, tél. 33 60 30

**Distribution du bulletin «Les Sacrifiés»:** Jules Giersch,  
14A, rue de Sélange, L-4965 Clemency, tél. 50 21 37

**Service social aux Enrôlés de Force:**

3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, tél. 48 32 32

**Amicale des anciens de Tambow:**

Secrétariat: 14, rue de Kahler, L-8378 Kleinbettingen, tél. 39 60 39  
**CCPL: IBAN LU75 1111 0240 0748 0000**

**Association des survivants des Enrôlés de Force**, Association sans but lucratif  
Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. Tél. Flammang M. 48 16 76

**Enrôlés de Force, section Hollerich-Gare,**

Secrétariat: Jules Giersch, 14a, rue de Sélange, L-4965 Clemency  
tél. **50 21 37 – CCPL: IBAN LU07 1111 2035 8882 0000**

Impression: saint-paul luxembourg